# ASSEMBLEE GENERALE

## 28 NOVEMBRE 2013

Special Olympics
Luxembourg

Chèr(e)s athlètes, volontaires, amis et membres de Special Olympics Luxembourg,

Par la présente nous avons l'honneur de vous inviter à notre

# ASSEMBLEE GENERALE ORDINAIRE

**qui aura lieu le jeudi 28 novembre 2013**

**au Däichhal (1ier étage) à Ettelbruck**

Ordre du jour :

1. Allocution de Madame la Présidente
2. Adoption du rapport de l'Assemblée Générale 2012
3. Rapport du représentant des athlètes au sein du Comité
4. Rapport du Directeur National
5. Rapport du Secrétaire
6. Rapport de la Commission des finances et décharge par les Réviseurs de Caisse
7. Décharge du Comité
8. Fixation des cotisations
9. Programme 2013-2014
10. Prévisions budgétaires et stratégiques pour 2013-2014
11. Discussion libre

*« Les Special Olympics World Winter Games 2013 » - un regard en arrière en images*

Nous serions très heureux de vous y rencontrer. Avec nos salutations sportives

**Le Comité de Special Olympics Luxembourg**

*(Le rapport de l'Assemblée Générale 2012 peut être consulté et déchargé à partir de noter site internet www.specialolympics.lu. Sur simple demande au secrétariat, il vous sera envoyé par courrier)*

# Allocution de la Présidente
# Pascale Schmoetten



# Allocution de la Présidente
# Pascale Schmoetten





Dammen Hären,

E schéine gudden Owend . Häerzlech wëllkomm op eiser Generalversammlung hei an der Däichhal zu Ettelbréck.

Et fréet mech, dass dir zu sou vill hei bei eis komm sidd

Special Olympics Lëtzebuerg, sou vill kann ech iech direkt verroden, kann op e ganzt gudd Joer zréckblécken.

Op der enger Säit hunn eis Sportler rem fläisseg un dene villen, vun hiren Trainer mat vill Engagement gehalenen Traininger deelgeholl, an dat , wat sie geléiert hunn , och op diverse Competitiounen am In- an Ausland emgesat .

Op der anerer Säit gouf et nieft den éischter méi üblichen Competitiounen (Detailler spéider), 2 Evenementer, déi aus dem normale Kader rauszehiewen sinn. Dat sinn

D'Weltwanterspiller zu Pyeong Chang a Südkorea (vum 29.Januar bis den 5. Februar), wou Lëtzebuerg mat 12 Sportlerinnen ,Sportler an hiren Coachen erfollegräich deelgeholl huet. Jiddferéen huet mindestens 1 Medaille gewonn, an ,och wann ech et net live erliewt hunn, sou huet et sech rem geschwaat, dass eng Superambiance geherrscht huet. An dat ass genau sou wertvoll wéi all sportlech Resultater

## Allocution de la Présidente
## Pascale Schmoetten





An dann

Den Eurotennis 2013 vum 15. – 17. November am CNT zu Esch. Puer Deeg Special Olympics vum Feinsten, a wann ech soen Special Olympics, dann denken ech lo u jiddferéen, den do eppes niewend de Sportler an hiren Trainer mat dozou bäigedro huet. Losst mech ufänken, mat dem héije Besuch, dem Prënz Felix an der Prinzessin Claire, déi e grousst Häerz a vill Wäermt fir eis Sportler bei hirer Präsenz bewisen hunn. Och e Mary Davis, Präsidentin vun Special Olympics Europa an Eurasien an e Marius Damentko, Sportsdirekter vun SOEE, hunn eiser Organisatioun bäigewunnt an ,

an dann, vill vun iech, déi hei sinn,an der nach ganz vill, déi den Owend net bei eis op der AG sinn , dir all hutt e groussen Deel zum Succès vum Eurotennis 2013 bäigedro, sief et als Partner, Sponsor oder Volontaire.

An da wär ech och schon bei méngem nächsten , ganz wichtegen Deel ukomm: Ouni iech, léiw Partner, Sponsoren, Volontairen, geet et net.

Dir sidd all sou wertvoll fir Special Olympics, an ouni iech, wär alles wat mir maachen, net méiglech.

Duefir en décken, décke MERCI un jiddferéen, den Special Olympics an domat och d'Inklusioun duerch de Sport ënnerstëtzt.

An natierlech wëll ech méngem ganze Komitee an dem Organisatiounskomite vum Eurotennis merci soen, fir déi vill Stonnen, déi och jiddferéen vun hinnen onermiddlech fir Special Olympics investéiert.

A fir beim Bénévolat ze bleiwen: Dest Joer gung éen vun de begehrte Präisser vum „Bénévole de l'Année" un de Pierrot Feltgen , den do fir onermiddlech Stonnen während ville Joren mat enger wonnerbarer 2. Plaaz honoréiert ginn ass. Eng sympathisch Unerkennung, déi hien héich verdingt huet an op déi mir ganz stolz sinn.

Ech géif dann lo gläich d' Wuert weiderginn, net awer ouni 2 mir perséinlech wichteg Sätz un iech ze adresséieren:

De Prënz Felix ass, op d'Ausso hin, dass d' Präsenz vun him an dem Claire eis Manifestatioun beräichert hätt, mam Saaz spontan weidergefuer an huet gesot: „....an är Manifestatioun huet eis mënschlech beräichert," an d'Prinzessin Claire huet dat mat engem Strahlen um Gesiicht bestätegt

An dann ,Text vum Mary Davis: „please pass on my sincere thanks to the wonderful volunteers who smiled their way through the hole event"

.........Sport, Mënschen, Mënschlechkéet, smiling volunteers , an nach vill, vill méi,.... SPECIAL OLYMPICS

## Allocution de la Présidente
## Pascale Schmoetten






Rita,

während ronn 9 Joer hues du mat vill Engagement d'Sekretariat vu Special Olympics Lëtzebuerg geleet. Niewt de Bürosaarbechten wars du och bei alle Manifestatiounen derbäi, an hues alles live materliewt, wat Special Olympics ass : Sport, Fréed , Begeeschterung,Frëndschaften, an nach villes méi. An souguer den Stress an die vill Aarbecht die virun an wärend eisen groussen Manifestatiounen opkomm ass.

Och waren mir alleguerten heiansdo schweier ze erdroen an hunn dech mat eisem kurzem Timing gestresst, mé du hues et emmer erem färdeg bruecht das alles zur Zeit faerdeg war.

Sécherlech hues du och do fir dech ganz besonnech Momenter mat eise Sportler erliewt, déi ëmmer an dir weiderliewen wäerten.

Déng Entscheedung, an der Zukunft Erfahrungen op engem anere Gebidd ze sammelen, respektéieren mir natierlech an huelen dat och un.

Mir soen dir MERCI fir all déng Aarbecht, déis du fir Special Olympics gemaach hues a wënschen dir alles Guddes a vill Erfolleg an der Zukunft. An dass Special Olympics dir ëmmer an allerbeschter Erënnerung bleiwt.

Fir dech vun eis all puer Blummen an e klenge Kado.........

# Le Mot des athlètes
## Marguy Faber



Madame Presidentin,

Léif Inviteen,

Léif Kollegen a Kolleginnen,

Léif Sportler,

Als Sportler vu Special Olympics Lëtzebuerg kënne mir op e ganz aktivt Sportsjoer zeréck kucken.

Et war vill lass, esouguer ganz vill, an all eis Sportler hu mat Begeeschterung matgemach.

Vun de Weltwanterspiller a Südkorea hu sie vill Medaille matbruecht.

Kurz dueno war dann eis Wantersportskolonie an Eisträich. An dës Kolonie gin ëmmer ganz vill Sportler mat, well et hei niewent dem Sport vill Freed am Schnéi gét.

Eis Sportler hun och hirt Kënne bewissen op deene verschiddenen National Meeschterschaften, sief dat zweemol an der Liichtathletik zu Dikrech an an der Coque, am Schwammen an der Schwämm zu Bouneweg an am Dëschtennis am Rehazenter.

Och eis Fussballspiller a Baskettballspiller ware méi wéi eng Kéier ënnerwee.

Ech ka mech och un engt ganz flott Summerfest zu Weiswampech erënneren, mat der Pärdskutsch an mat dem Pedalo um Séi.

Déi gréisst Organisatioun war awer sonner Zweifel den Euro-Tennis zu Esch. De Luc, d'Kelly an de Jeff waren derbäi a sie hun hiert Bescht gin. Ech konnt mat aneren Athleten als Volontaire hëllefen. Eis Turnerinnen hu bäi der Eröffnungszeremonie matgemach an d'Lynn an de Francesco ware Speaker.

Fir awer un deene ville Sportstournoien deelzehuelen musse mir vill trainéieren. Dozou hu mir Geleeenheet all Woch an 8 bis 9 verschiddene Sportsarten. Fir jiddereen ass eppes derbäi. Ech invitéiren iech och, léif Sportler, nach Kollege matzebrëngen. Sie si bei eis wëllkomm.

Allen Athlete soen ech e grousse Merci fir hiren Asatz an hir Ausdauer, mee e spezielle Merci och un eis zahlreich Traineren, déi sech onentgeltlech asetzen, fir eis an eng sportlech Héichform zebréngen an eis mat Rot an Dot zur Säit ze stoen.

Nach eng Kéier Merci un Iech alleguer !




Rapport vum Directeur National vum Joër 2012 – 2013 :

Et war en ganzt aktiv Joer fir SOEE an SOI. A mir zu Letzebuerg hunn do och vill matgeschafft.

Eisen Sportdirektor Jean-Paul Woltz ass an der leschter Sportkonferenz elo definitiv an den CTAC gewielt ginn.

Mir hunn mat enger grousser Delegatioun un den Weltwanterspiller zu Pyeongchang deel geholl, an dir wärt speider gesinn dass et am Land vum GangNam Style grouss Erfolleger ginn sinn.

Die naichst europäesch Spiller stinn och virunn der Dir, an do ass Virbereedung och schons am Gang, den Torch Run wärt wuel och des Keier erem zu Letzebuerg laanscht kommen, mir freeën eis schon drop.

Mir hunn eisen strategeschen Plang net aus den Aaen verlooss an och dest Joer erem versiicht esouvill wie meiglech emzesetzen, hei en puer Punkten :

- Un all eise Manifestatiounen huelen elo Sportler aus der Groussregioun deel, sief daat an de LA, dem Schwammen, dem Deschtennis oder dem Fussball
- Formatioun vun den Traineren an den Volontairen huet dest Joer stattfonnt mat enger ganz grousser Bedeelegung. Ech ganz Rei vun neien Volontairen ass duerch den EuroTennis fonnt ginn.




• Am Fussball hunn mir den Partenariat mat der FLF endlech

ennerschriwen ginn, die naichst Federatiounen stin schons prett.

• Am Finanzsektor hunn mir wieder nei Partenairen fonnt an nei

Meiglechkeeten fir Recetten ze fannen initieiert. Mei speider am Finanzbericht

• Netty Koch war op enger Konferenz fir en Fammiljen Programm, an

och do wärten mer dann an naichster Zeit mei op Familljen vun Leit mat enger intellektueller Behennerung duer goen.

• Leider ass eis Basketballéquip nach nett op deem Niveau ukomm wie

mir daat wollten, mir brauchen do nach nei Sportler fir daat können emzesetzen

D'EU ennertstetzt mat enger substantieller finanzieller Ennersterzung d'europäesch Spiller an der Belsch, eis Politiker zu Breissel waren do mat aktive, Merci.

Enner aaneren waren mir bei folgenden Manifestatiounen vertrueden :

- CTAC Meetinger (JPW)
- Konferenz zu Antwerpen (PF, JPW)
- Fammiljen Konferenz op Malta (NK)

Mir hunn vum EuroTennis profiteiert an den neien Logo vun SOI emgesaat sou dass mir visuel dobaussen nach besser optrieden können.

SOI huet och en neien Chef, an mam Janet Froetscher en neien CEO kritt. Dem Brady Lum en groussen Merci fir all seng Aarbecht.

Dest war d' Joer op internationalem Plang, d'naichst Joer kommen dann europäesch Spiller an der Belsch, an mir sinn schon elo aktiv fir eis op LA2015 virzebereeden, op jiddenfall um finanziellen Plang.

Ech  soen iech Merci fir ärt Noolauschteren.

Marc Feltgen

# Rapport d'activités 2013

Pierrot Feltgen

Special Olympics
Luxembourg

## SOWWG 2013 à PyeongChang




Ech mengen berouegt soen ze kënnen dat 2013 dat intensifte Joer war wat Special Olympics zu Lëtzebuerg erlieft heut.

Ee Joer wou mir bal keng Zäit haten fir Loft ze huelen, ee Joer mat engem kloren koreaneschen Touch, ee Joer wou mir eis Zil vun der Inklusioun duerch de Sport nees e Schrëtt méi wäit gedroen hunn. Awer och ee Joer wat vill a grouss Impressiounen hannerléisst.

D'Wanterspiller hun fir eis schons den halwen Dezember ugefaangen wat enger Première fir SOL. Fir d'éischte Kéier si mir virun Weltspiller an een Trainingscamp gefuer. An des Woch zu Balderschwang am Allgäu war méi wéi gelongen. Technesch Preparatioun, Team-Building stongen um Programm awer och Foto-shooting. D'Stemmung an den Enthusiasmus war esou grouss dass aus geplangten 5 Trainingséancen der am gaanzen 9 goufen. Mir waren also prett a wiren am Léiwsten als Equipe zesummen bliwen.

An der Coque war dunn nach déi grouss Présentatioun vun der Delegation, mat enger kulinarescher Soirée. Déi Méint virdrun haten mir schons Gelegenheet déi koreanesch Kultur mat Musek an Taekwondo kennen ze léieren. Merci un Mi-hi an seng Equipe.

An zu Frankfurt um Flughafen ass et schons richteg gudd lass gaangen well mir mat enger Rei aneren Delegatiounen an den Fliger geklomm sinn. Départ fir ee flotten a gelongenen Déplacement. Zu Seoul hu mir an berühmten Quartier Gangnam a munch flott Momenter erliewt – DiscoBus , Quimchi, Bullgogi, Tempelen , Kukiwon (mir weisen iech herno e puer beweegt Biller)

## SOWWG 2013 à PyeongChang



Bis dass mir zu PyoengChang ukomm sinn haten mir schons esou vill erliewt !!!

Mee mir waren komm fir Sport ze maachen – d'Installatiounen waren optimal (déi vun den Olympeschen Spiller vu 2018), d'Weeër waren kleng an et war keen Probleem als Team vun enger Sportaart bei déi aner ze goen an d'Kolleegen uféieren ze goen.

D'Wiederkonditiounen hunn permanent changéiert an ëmmer huet een sech missten néi upassen. D'Laangleefer hat eng ganz schwiereg Stréck ze bewältegen, d'Snowshoer sinn och am Reen ugetratt an d'alpiner hunn och missten bis déi lescht Course alles ginn

Richteg flott war d'Ennerstëtzung vun de Léit – de lëtzebuerger Fändel war oft présent – sympatesch war d'Präsenz vun den Employeeën vun Kisswire déi e freien Dag an der Firma krueten an eis nach eng Kéier op ee bullgogi – e koreaneschen Grill invitéiert hunn



**Médailles d'or : 5**
**Médailles d'argent : 5**
**Médailles de bronze : 9**

**Special Olympics**
*Luxembourg*

13

All dest huet derzou bäigedroen dat eis Sportler super Leeschtungen bruecht an si stongen dann och oft op deenen ierweschtenen Plaazen um Podium. Um Enn sollt jiddereen seng Medaille gewannen.

Nach ee groussen merci un d'Young Hee  vun Luxembourg for Finance wat eis vun eiser arrivée bis zum Départ exzellent betréit huet.

45 €




Special Olympics
Luxembourg

14

# EuroTennis 2013 am CNT



## EuroTennis 2013 am CNT



D' Joer huet mat engem Highlight ugefaangen an och mat engem Highlight opgehalen

Mir hunn den intensiven WE vum 14-18. November zu Esch nach net richteg verdaut, eng final Analyse steet nach aus – mee ech kann nemmen soen et war gelongen an den Louw aus dem In-an Ausland war extreem.

Eng Première war desen Tennisturnéier fir Europa an SOEE an eng richteg Erausfuederung fir den Comité d'organisation ronderem de Marc – deen sech iwwert Méint voll an desen Event erageknéit huet. Flotten Sport vun deenen 82 Tennisspiller a spillerinnen aus 18 Länner, ganz vill Volontairen – ëm déi 200 Leit bénévole am Asaz – flott Zeremonien mat sympatheschen Gëscht – dem Prënz Felix an der Prinzessin Claire – vill Partner – engagéiert Arbitren - een exzellenten Hotel – flott Aktivéiten am Olympic Village mat den Schülerinnen aus dem Ettelbrécker Sainte-Anne- den Healthy Althletes - alles huet gepasst – Special Olympics war een exzellenten Ambassadeur vun eisem Land.

Merci un all engagéiert Leit – speziell un d'FLT an den TC Esch an Gemeng Esch fir hir grouss Hellef

Merci awer och un Enovos fir den Accueil fir eis Pressekonferenz virum Turnéier

# Entraînements hebdomadaires

Special Olympics
Luxembourg

# Entraînements

- **Lundi** (Natation, Basketball)
- **Mardi** (Athlétisme, Natation, Entraînement général, Gymnastique)
- **Mercredi** (Basketball/Football)
- **Jeudi** (Football, Bocce, Tennis de table,)
- **Vendredi** (Tennis de table, Entraînement général, Gymnastique)
- **Samedi** (Laftreff, Tennis)

An dann waren jo och nach eisen normalen Programm mat 15 Trainingsunitéiten an der Woch – och dat muss jo nach bewältegt ginn

Erfreelech ass dat mir och nei Trainer derbäi krueten an eis Sportler elo vun engem Team vun 40 Coachen betreit ginn

## Entraînements

- **Rehazenter** (Natation, Gymnastique, Entraînement général, Tennis de table, Bocce, Basketball, Football (en hiver), Préparation ski
- **Coque** (Athlétisme)
- **INS** (Gymnastique)
- **RFCUL** (Football)
- **Colmarberg** (Natation)
- **Ettelbruck** (Laftreff)
- **Reuler** (Entraînement général, Football, Tennis de table)
- **Remich** (Gymnastique)
- **Bettembourg** (Tennis)

Och wann ee Schwéierpunkt vun den Traininger am Rehazenter ass sinn des regelmässeg RV iwwert d'ganzt Land verbreed. Ee grousse merci un all Instanzen – Staat, Gemengen, Veràiner déi eis hir Installatiounen zur Verfügung stellen.

428 Traininger mat 265 Sportler a Partner (Fussball+ Basketball) – 50 Betreier 10 Sportaarten

47 Deeg am Ausland

Méi wi 20 Deeg Kompetitiounen

# Manifestations sportives

Special Olympics
Luxembourg

## National Games

- ❑ Schwammfest zu Bouneweeg 27 avril
- ❑ Deschtennisfest am Rehazenter 13 avril
- ❑ Unified Football Turnéier um RFCUL
- ❑ Liichtathletiksfest zu Dikkrech 6 juillet
- ❑ Bocce Turnéier op der Cap 27 juillet
- ❑ Liichtathletik indoor an der Coque 13 octobre

Et geet awer net duer regelmässeg ze trainéieren – et muss een och Geleegenheet kréien fir ze weisen wat een geléiert huet an wat ee wirklech kann

D'Kompetitiounen sinn eben d'Salz an de Peffer am Liewen vun engem Sportler


# Sports events


- ❑ Basketball Day am Rehazenter
- ❑ Wantersportkolonie
- ❑ Football Matcher
- ❑ Strooseleef (Nordstad Semi Dikkrech – Relais pour la Vie - ING Marathon – Kö Lauf Düsseldorf)
- ❑ Marche de l'Armée
- ❑ Bocce à Lublijana (SLO)
- ❑ Tennis à TreisKarden (D)

# Project Semi-marathon



# Kö-Lauf 2013








# Autres activités

Special Olympics
Luxembourg

# Autres activités

- ❑ Fuesparty zu Mensder
- ❑ Journée des bénévoles zu Réimech
- ❑ Summerfest zu Wäiswampech
- ❑ Formation interne SOL

# ASSEMBLEE GENERALE

## 28 NOVEMBRE 2013

Special Olympics
Luxembourg

# Administration

- ❑ 7 x Comité
- ❑ 3 x Trainerversammlung
- ❑ AG COSL, FLBB, FLGYM, CSMS, Info Handicap, Ligue HMC
- ❑ Convention SOL-FLF
- ❑ Présentation SOL
- ❑ ING Solidarity Awards

# Convention SOL-FLF



# ING Solidarity Awards



# Autres

- ❑ Stage tennis de table à Varsovie
- ❑ Family Program Conference à Malte
- ❑ Sports Conference à Anvers
- ❑ Mérite sportif 2013

# Mérite sportif 2013



# Inclusion

- ❑ Remise des medailles JPEE
- ❑ Projet Zirkus – Jugendtreff Käerjeng
- ❑ EPSA meets SOL
- ❑ Collaboration RFCUL

# Sportler treffen Schüler

„Special Olympics Luxembourg“ zu Besuch in der Ettelbrücker „Ecole privée Sainte-Anne“




**Sport als Kommunikationsmittel:** *Schüler und Athleten lernten sich im gemeinsamen Wettkampf gegenseitig kennen und schätzen.*

Unter dem Motto „Special Olympics Luxembourg meets Ecole privée Sainte-Anne“ waren dieser Tage in der Sporthalle der Ettelbrücker Sekundarschule 20 Athleten und zehn Trainer der Luxemburger „Special Olympics“-Teams zu Gast, um sich mit 22 Schülerinnen der Klassen 10PS1, 10PS2 und 10CM1 im sportlichen Wettkampf zu messen. In gemischten Teams und unter der Leitung der Schülerinnen der 11PS1, den Initiatorinnen des Projekts, lernten sich Sportler und Schüler bei Basketball und „Brennball“, aber auch bei Geschicklichkeitsspielen kennen und schätzen.

Berührungsängste gab es dabei von keiner Seite, sodass viel zusammen gelacht und geredet wurde. Die Athleten erzählten dabei natürlich stolz von ihren Reisen zu den verschiedenen Wettkämpfen, an denen sie mit „Special Olympics“ teilgenommen haben, so etwa an den „World Winter Games“ im südkoreanischen Pyeong Chang. Die Schülerinnen zeigten sich von deren Freude am Sport begeistert. Die Privatschule „Sainte-Anne“ pflegt bereits seit Jahren eine enge Kooperation mit „Special Olympics“, so auch im September 2003 im Rahmen der „année européenne des personnes handicapées“.

Marc Feltgen, Nationaldirektor der „Special Olympics Luxembourg“ freute sich denn auch am Ende des Projekttages, die von der Direktorin Sabine Augustin unterzeichneten Teilnahmebescheinigungen an alle Beiteligten zu überreichen: „Ihr seid ein hervorragendes und ein sehr aufmerksames Team! Wir freuen uns schon auf die nächste Zusammenarbeit mit euch“, so Marc Feltgen an die Adresse der Schülerinnen. (C.)

# Logos

- ❑ New Branding
- ❑ Polos volontaires
- ❑ Softshell Comité et coaches
- ❑ Banner/tente etc.

Special
Olympics
Luxembourg

# Partenaires – Logo SOL




Abby Toussaint – Publicité spécial euro Tennis – Deeside

Ee Merci un d'Presse dat si eis vill Aktivitéitebn couvréieren

Ee Plus un Aktivitéieten – ee Plus un Sportler – ee Plus un Trainer – ee Plus un Volontairen – ee Plus un Partner – mol kucken wéi dat Ganzt sech op d'Finanzen auswiirkt

## Partenaires – Logo SOL




Ech kann awer net ophalen ouni lech nach ee Logo ze weisen – den vun Project 5 déi zënter engem Joer permanent Reklam maachen béi all Gelegenheeet an déi e Samsdeg hir flott Kampagne ofschléissen – net nemmen spréngt do een décken Scheck fir eis eraus (als Ennerstetzung vun eisem Team fir Antwerpen 2014) – mee déi lescht 15 Méint sinn do ganz flott an interessant Kontakter entstaanen

ouni den Usproch op Vollstänegkeet bei mengem Rapport ze hunn (dofir waren Aktivitéit ze vill zahlräich a ze vill vielfälteg) – soen ech lech Merci fir äert Nolauschteren




**Rapport vum der Finanzkommissioun fir Joër 2012 – 2013 :**

Mat der Hellef vun all eisen Partenairen, Traineren, ComitésMemberen an der Finanzkommissioun hunn mir et dest Joer och färdeg bruecht en positiven Finanzbilan können ze präsenteieren. En groussen Merci un jiddereen.

Et war finanziell en schweiert Joer, mé duerch verschidden Transaktiounen sinn mer dann trotzdem am positiven bliwen, och wann daat e puer Erklärungen bedarf,

Mir hunn nach nei Finanzpartneren fonnt, an deen leschten ass esou aktiv dat hieren Direkter an seng Frai esouguer um EuroTennis als Benevole derbai war. Merci Frits.

Durch en ganz aktiven Jean-Paul, den vun Kontaker an der Groussregion vun Kalifornien

Profiteiert huet, hunn mir schon an desem Bilan en Montant vun 20.000€ vir LA2015 dran stoen, Firma Airtech, zu LA an Letzebuerg huet eis dei gesponsort. Mé et geet wieder, an an der leschter woch ass en wieder sponsor vir LA2015 derbai komm, d'Herbalife Foundation huet eis eng Zousoo vun 30.000€ ginn, Suen die an desem Mount nach iwerwisen ginn. Also hunn mir elo schon 50% vun der Suen die

mir fir LA2015 brauchen an eisen Bicher. An den Jean-Paul ass nach net faerdeg. En groussen Merci un hien.

Marie-Josée wärt iech elo den Bilan 2012-2013 virdroen. Mir machen daat wie d'lescht Joer ennert engern vereinfachter Form, den detailleierten Bilan kann bei eis angesinn ginn wann dir et well.

.........

Merci Marie-José, zu desem Zeitpunkt waren all Rechnungen bezuelt. Den Budget fir dat naichsten Joer wärten mer dann speider gesinn.

Ech  soen iech Merci fir ärt Noolauschteren an ginn Wuert un eis Kassenreviseuren Jeanny Rollinger an den Pol Koch fir hieren Rappor

# Partenaires Financiers

LOTERIE NATIONALE

FONDATION ENOVOS

AllaVita Engineering
IT Solutions

www.confiance.lu
TOUSSAINT Abby

C.JANS
CONSTRUCTIONS

Garage
Martin Biver

Greenfield

tracol
RENOVATION s.à r.l.

# Bilan 2012 - 2013

| | | | |
|---|---|---|---|
| Dépenses | -156.902,87 | Recettes | 157.317,09 |
| Boni | 414,22 | | |

| | Total | Dépenses | Recettes |
|---|---|---|---|
| Activités Sportives | -23911,59 | -104850,75 | 80.939,16 |
| Activités extra-sportives | -6238,33 | -10.176,80 | 3.938,47 |
| Frais de Gestions | -17.013,40 | -29.983,16 | 12.969,76 |
| Dons, Subsides, Carte de Membres | 59,203,43 | -266,27 | 59.469,70 |
| Divers | -11.625,89 | -11.625,89 | 0 |

# Budget
## 2013/14

Marc Feltgen/Marie-Josée Hoffmann

Special Olympics
Luxembourg

# Budget 2013 - 2014

| | | | |
|---|---|---|---|
| Dépenses | -206.730,00 | Recettes | 183.900,00 |
| Mali | -22.830,00 | | |

| | Total | Dépenses | Recettes |
|---|---|---|---|
| Activités Sportives | -39.880,00 | -158.380,00 | 118.500,00 |
| Activités extra-sportives | -5.000,00 | -10.000,00 | 5.000,00 |
| Frais de Gestions | -25.050,00 | -38.050,00 | 13.000,00 |
| Dons, Subsides, Carte de Membres | 48.200,00 | -300,00 | 48.500,00 |

# CALENDRIER SPORTIF

Saison 2013-2014

Special Olympics
Luxembourg

# Calendrier sportif 2013 - 2014

- **<u>SPECIAL OLYMPICS EUROPEAN SUMMER GAMES 2014 - Antwerpen</u>**

  - TorchRun: 8 septembre 2014 au Luxembourg
  - Hosttown: 9 au 13 septembre 2014 a Schaarbeek (Brussels)
  - Games: 13 au 21 septembre 2014 a Antwerpen

    - Athletics: 4 athletes & 2 coaches
    - Aquatics: 4 athletes & 2 coaches
    - Bocce: 2 athletes & 1 coach
    - Football: 10 ahtletes & 3 coaches
    - Gymnastics: 4 athletes & 2 coaches
    - Table Tennis: 2 athletes & 1 coach

    - HOD: Pierrot
    - AS-HOD: Jean Paul

Special Olympics
EUROPEAN
SUMMER GAMES
Antwerp 2014

# Calendrier sportif 2013 - 2014

- **Entraînements hebdomadaires** dans tous les sports à Luxembourg, Reuler, Ettelbruck, Remich, Bettembourg et Colmarberg

- **FOOTBALL:** matches d'entrainements durant toute l'année…..

  - SOL – GREEN GIRLS HARLANGE (aller) - 4 decembre 2013
  - SOL – FC SANTOS – 18 decembre 2013
  - Fussballturnier Trier-Saarburg (D) – 03 janvier 2014
  - SOL – Differdange Dames – 08 janvier 2014
  - SOL – GREEN GIRLS HARLANGE (retour) – 15 janvier 2014
  - SOL – Differdange – 29 janvier 2014
  - SOL – Unified Football Tournament RFCUL– 29 mai 2014
  - Cross Border Challenge (BE-DE-LUX) – 2014
  - …………………





- **BASKETBALL**: matches d'entraînements durant toute l'année…….

# ASSEMBLEE GENERALE

28 NOVEMBRE 2013

**Discussion libre**

**Merci aux entraîneurs**

**Special Olympics**
Luxembourg